N°1691
Entrée le 19.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.12.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Regierung huet decidéiert, dass d'Geschäfter an Zukunft méi laang hir Diere kënnen opmaachen. Dëst bréngt mat sech, dass vill Beschäftegt zu spéideren Auerzäiten op den ëffentlechen Transport ugewise sinn. Och Sonndes fueren aktuell nach manner Busser an Zich a wann d'Aktivitéit zouhëlt a souwuel Beschäftegter an och Clientë méi sollen akafen, da mussen och méi Busser an Zich um Sonndeg do sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat ass am ëffentlechen Transport geplangt, fir den neien Auerzäiten am Commerce Rechnung ze droen?

2. Wäerte Sonndes méi Busser, Zich an Tramen musse fueren?
   Falls jo,
   - wéi vill zousätzlech Trajeten sollen stattfannen?
   - wéi vill méi Personal wäert mussen bei den CFL, TICE an de Busser vun der VDL agestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten